

VAKANZAKTIVITÉTEN 2025



12-17
JOER/ANS

 GEMENG
SCHÉFFLENG

AKTIVITÉITE FIR D'JUGEND
ACTIVITÉS POUR JEUNES


Schéffleng
Jugendhaus

VIRWUERT

LÉIF FRËNN A KOLLEEG·INNE VUM SCHËFFLENGER JUGENDHAUS

Eist Jugendhaus ass engagéiert, aktiv a bréngt villes un d'Rullen. E grousse MERCI mat Respekt an Unerkennung un déi Responsabel vum Jugendhaus.

Dëst ass e wichtige Pilier vum Schëfflenger Fräizäitliewen, wou Gesellschaft, Brécken a Versammlungen eng grouss Roll spiller, souwuel bei deene Jonken, wéi och tëscht verschiddene Generatiounen.

“Mir sinn d’Jugend, déi sech beweegt” steet op dem Jugendhaus. Jo, esou loassen sech déi vill Aktiounen an déi sozial Initiative vum Schëfflenger Jugendhaus beschreiwen. D’Diversitéit vun der Jugend ass wéi e faarwege Reebou, deen d’Liewen an all senge Facette reflektéiert.

Mat Innovatioun, Engagement a grousser Freed schafft eist Jugendhaus zanter bal 20 Joer am Interessi vun de Jonken an der Gemeng. En ofwiesslungsräiche Programm gëtt a verschiddene Beräicher ugebueden, wat Sport, Kultur, Gesellschaft a Fräizäit ubelaangt.

Och dëst Joer bitt eist Jugendhaus an de Summerméint lëschteg an attraktiv Vakanzenaktivitéiten un. Enn Juni sinn d’Umeldungen op Héichtouren.

An dëser Broschür fannt Dir all Detailer iwver kleng a grouss Reesen, zum Beispill d’Stadrees op Paräis an Amsterdam, d’Aventuren am Kloterpark zu Merzig, oder de Schwarzwald, den Dag um Stauséi, d’Rees op d’belge Plage, de Skateboard Design Workshop an aner Atelieren, oder soss spannend Erlieffnisser wéi den Erlebnisbad Calypso, Kanu oder Outdoor Escape Game ... Mir kënnen nämme soen: Avis aux amateurs !

E Merci un déi Responsabel an Animateure vum Jugendhaus.

Als jonke Mensch ass et wichteg nei Erfarungen ze sammelen an d’Welt mat jugendlecher Energie z’entdecken. Mir wënschen an dësem Sënn all Participant·inn·en elo schonns flott, kreativ an erhuelsam Summerméint.

De Buergermeeschter:


Paul WEIMERSKIRCH

an d’Schäffen:

Carlo FEIEREISEN

Marc SPAUTZ

Rizo AGOVIC



PRÉFACE

CHÈRES AMIES ET CHERS AMIS DE LA MAISON DES JEUNES DE SCHIFFFLANGE,

Notre Maison des Jeunes est engagée, active et met beaucoup d'activités en marche. Un grand MERCI avec respect et appréciation aux responsables de la Maison des Jeunes.

Celle-ci est un pilier important de la vie de loisirs de Schiff lange, où la convivialité, les ponts et les rencontres jouent un grand rôle, autant avec les jeunes et qu'entre les différentes générations.

« Nous sommes les jeunes qui bougent » est écrit sur la Maison des Jeunes. C'est ainsi que peuvent être décrites les nombreuses actions et initiatives sociales de la Maison des Jeunes. La diversité de la jeunesse est comme un arc-en-ciel coloré qui reflète la vie sous toutes ses facettes.

Avec innovation, dévouement et une grande joie, notre Maison des Jeunes travaille depuis près de 20 ans dans l'intérêt des jeunes et de la communauté. Un programme varié est proposé dans de différents domaines concernant le sport, la culture, la société et les loisirs.

Cette année encore, notre Maison des Jeunes propose des activités de vacances sympathiques et attractives pendant les mois d'été. Fin juin, les inscriptions battront leur plein.

Dans cette brochure, vous trouverez tous les détails sur les petits et grands déplacements, par exemple le city trip à à

Paris et Amsterdam, les aventures dans le parc d'escalade de Merzig, ou à la Forêt Noire, la journée au lac de retenue du nord (Stauséi), l'excursion à la plage belge, l'atelier de création de skateboard et autres ateliers, ou encore des expériences passionnantes comme la piscine Calypso, le canoë ou l'escape game en plein air... On ne peut dire que : Avis aux amateur·rices !

Un merci aux responsables et animateurs·rices de la Maison des Jeunes.

En tant que jeune, il est important d'acquérir de nouvelles expériences et d'explorer le monde avec une énergie juvénile. En ce sens, nous souhaitons à tou·t·es les participant·e·s, des mois d'été agréables, créatifs et divertissants.

Le Bourgmestre :

Paul WEIMERSKIRCH

Les Échevins :

Carlo FEIEREISEN

Marc SPAUTZ

Rizo AGOVIC




AKTIVITÉITEN | ACTIVITÉS OP EE BLÉCK EN UN COUP D'ŒIL

JUNI | JUIN

- 06.** Informatiouns- & Aschreiwversammlung
Réunion d'information et d'inscription

JULI | JUILLET

- 16.-18.** Festival des Cabanes
- 17.-19.** Citytrip Paräis (F)
- 20.-24.** Citytrip Amsterdam (NL)
- 25.** Escape Game (outdoor)
- 28.** Wakeboard
- 30.** Mountainbike | VTT





AUGUST | AOÛT

- 4. Standup Paddleboarding
- 6. Kletterhafen (Merzig)
- 7.-9. Design däi Skateboard
- 11.-13. Vélo-Rees
- 21.-25. Schwarzwald (DE)
- 27.-29. Plage (BE)



SEPTEMBER | SEPTEMBRE

- 01. Erlebnisbad | Parc aquatique (DE)
- 02. Phantasialand
- 04. Kanu | Canoë
- 08.-09. Graffiti
- 19. Ofschlossfeier | Fête de fin de vacances d'été





INFORMATIOUNS- & ASCHREIWVERSAMMLUNG



FLICHT



SALL GRAND-DUC JEAN (AN DER GEMENG SCHÉFFLENG)



06.06 | 19:00

Dës Versammlung ass **obligatoresch fir dech an deng Elteren**, wanns de un de Summeraktivitéiten wëlls deelhuelen.

Si erméiglecht de Participant·inn·en, hiert Material schonn am Virfeld virzebereeden. Natierlech ginn et hei och Informatiounen iwwert den Oflaf vun de jeeweilegen Aktivitéiten a Projeten an der Summervakanz. **No der Versammlung kanns de dech och direkt fir d'Aktivitéiten aschreiwen.**

D'Aktivitéiten, bei deenen no der Versammlung nach Plazen fräi sinn, ginn iwwer eis sozial Medien verëffentlecht. Fir all eis Aktivitéiten sinn d'Plazen limitéiert, also ass et wichtig, dass de op d'Versammlung kënns.

D'Aktivitéite musse bei der Aschreiwung direkt (a Cash) bezuelt ginn.



RÉUNION D'INFORMATION ET D'INSCRIPTION



OBLIGATOIRE

📍 SALLE GRAND-DUC JEAN (DANS LA COMMUNE DE SCHIFFLANGE)

📅 06.06 | 19:00

Pour celles et ceux qui souhaitent participer aux activités des vacances d'été, la participation à la réunion d'information est **obligatoire pour le/la jeune et ses parents**.

Toutes les informations nécessaires au bon déroulement des différentes activités y seront communiquées. La réunion permettra également aux jeunes de bien se préparer à l'aventure. **Les inscriptions se feront sur place, directement après la réunion.**

Les activités pour lesquelles il restera des places seront publiées sur nos réseaux sociaux. Toutes nos activités ont un nombre de places limité, il est donc important d'assister à la réunion.

La participation devra être réglée (en espèces) lors de l'inscription.









FESTIVAL DES CABANES

15€



FILIPE



16.-18.07

Hues de scho mol dovu gedreemt, deng eegen Hütt ze bauen? Wann jo, dann ass dës Geleeënheet genau fir dech! Am Kader vum **Festival des Cabanes** luede mir dech an, fir dräi Deeg un der Konstruktoun vun enger Hütt deelzehuelen – eng eenzegaarteg Erfarung, déi's de net vergiesse wäerts!



As-tu déjà rêvé de construire ta propre cabane ? Si oui, cette opportunité est faite pour toi ! Dans le cadre du **Festival des Cabanes**, nous t'invitons à participer, pendant trois jours, à la construction d'une cabane – une expérience unique à ne surtout pas manquer.

CITYTRIP PARÄIS (F)

30€



PAULA



17.-19.07

Paräis – d'Stad vun der Moud an der Léift. An dësen dräi Deeg hues de d'Geleeënheet, déi lieweg Stroossen, déi emblematesch Monumenter an natierlech d'Magie vun der franséischer Haaptstad z'efuerschen. Maach dech prett, fir déi coolste Plazen ze entdecken, akafen ze goen a mat deenen anere Participant·inn·en onvergiesslech Momenter ze erliewen. **Dat gëtt genial!**

Paris, la ville de la mode et de l'amour. Pendant trois jours, tu découvriras ses rues animées, ses monuments emblématiques et, bien sûr, toute la magie de la capitale française. Prépare-toi à explorer les endroits les plus branchés, à faire du shopping et à vivre des moments inoubliables avec les autres participant·e·s. Ça promet d'être génial !

CITYTRIP AMSTERDAM (NL)

• ARNAUD

📅 20.-24.07

50€



Mir entdecken eng nei Stad – dës Kéier geet et op **Amsterdam**, eng vun de bekanntste Stied weltwëit, vun där's de bestëmmt schonn héieren hues.

Bass de intresséiert un enger kultureller Rees net ze wäit vun dohem, wou et vill spannendes ze gesi gëtt? Muséeën, d'Anne-Frank-Haus, Parken, Konscht, Architektur a nach villes méi!

Wat genee um Programm steet, plange mir zesummen – deng Iddie sinn häerzlech wëllkomm!

Ensemble, nous allons explorer une nouvelle ville – cette fois-ci, ce sera **Amsterdam**, une ville mondialement connue. Tu la connais ?

Si tu es intéressé·e par un voyage culturel, pas trop loin de chez toi, où il y a plein de choses à découvrir – des musées, la maison d'Anne Frank, des parcs urbains, de l'art, de l'architecture et bien plus encore – alors inscris-toi pour y participer !

Le programme exact ? Nous le déciderons ensemble !





ESCAPE GAME (OUTDOOR)



PAULA

📅 25.07

5€



Wëlls de **Lëtzebuerg** op eng originell an interaktiv Aart entdecken?

Mat der **Coddy-App** erliefs de d'Stad wéi nach ni virdrun!

Mat engem Smartphone an der Hand meeschters de spannend Eerausfuerderungen a léis Rätselen, fir déi verstopppt Geheimnisser vun eiser fantastescher Haaptstad z'entdecken.

Zum Schluss loosse mir de Spaass bei engem gudde Goûter auskléngen – dat hues de dir verdéngt!

Tu veux découvrir **Luxembourg** d'une manière originale et super fun ?

Avec l'application **Coddy**, nous explorerons la ville de façon interactive !

Muni-e d'un smartphone, tu vas relever des défis et résoudre des énigmes pour découvrir les secrets cachés de cette ville incroyable.

Et, pour finir la journée en beauté, on se retrouvera autour d'un petit goûter bien mérité.

WAKEBOARD

👤 ARNAUD
📅 28.07

5€

Looss dech op eppes Neies an! Probéier **Wakeboarding** – eng dynamesch Waasseraktivitéit wou's de dech richteg auspowere kanns. D'Aktivitéit gëtt vu Profien a Mataarbechter-innen encadréiert, fir maximal Sécherheet.

⚠️ Fir dës Aktivitéit muss de schwamme kënnen!

Si tu es amateur·rice de nouvelles expériences, nous t'invitons à participer à l'activité **Wakeboard**. Lors de cet après-midi, tu auras l'occasion de te défouler dans l'eau ! L'activité sera encadrée par des professionnel·le·s et des éducateurs·rices, afin de garantir la sécurité de chacun·e.

⚠️ Pour cette activité,
il faut savoir nager !

MOUNTAINBIKE TOUR | VTT

👤 JOEL
📅 30.07

5€

Mir maachen eng flott **Mountainbike-Tour** duerch d'Bëscher ronderëm Schëffleng. Vläicht entdecks de Plazen, déi's de nach guer net kannt hues! Keng Suergen – mir fueren **net** am Downhill-Modus. Mir wiele Strecken, déi jidderee packt – och den Erzéier 😊

Nous allons faire une **balade en VTT** dans les environs de Schifflange. Tu découvriras peut-être des coins insolites que tu ne connaissais pas encore ! Pas de panique : il ne s'agit **pas** d'une descente en VTT (downhill). Nous chercherons des chemins accessibles à tou-te·s – éducateurs·rices compris 😊





STANDUP PAD- DLEBOARDING



JOEL



04.08

5€

Hues de d'Waasser gären oder wëlls einfach eng nei Waasseraktivitéit ausprobéieren? Dann ass dat hei d'**Geleeënheet**, fir um **Stauséi** eng Ronn op engem **Standup Paddleboard (SUP)** ze dréinen – eng Zort Surf'briet, wou's de mat engem Paddel iwwert d'Waasser fier.



Tu aimes l'eau ou tu veux simplement essayer une nouvelle activité aquatique ? Alors voici l'occasion idéale : faire un tour sur un **Stand-Up Paddle (SUP)** sur le lac de retenue du nord (**Stauséi**) – avec une sorte de planche de surf sur laquelle tu te déplaces avec une pagae.

KLETTER- HAFEN (MERZIG)



FILIPE



06.08

D'Jugendhaus proposéiert dir en Nomëtte **voller Action, Spaass an Adrenalin** am Kloterpark. Hei kanns de déi verschidde Kloterweeër ausprobéieren a **iwwer deng eege Limite erausgoen!**

La Maison des jeunes te propose un après-midi rempli d'**action, de fun et d'adrénaline** dans un **parc d'escalade**. Tu pourras y tester différents parcours et repousser tes propres limites !



10€

DESIGN DÄI SKATE- BOARD

FILIPE

07.-09.08

Bass du kreativ a Fan vu Skaten? Mir hunn déi perfekt Aktivitéit fir dech! Du hues d'Chance, **däin eegenen Skateboard op der Hand ze maachen**. Mat Kreativitéit kanns de en eenzegaartege Skate designen.

Tu es fan de skate et tu es créatif ? Alors on a l'activité parfaite pour toi ! Tu auras la chance de fabriquer ton propre skateboard à la main. Avec un peu de créativité, tu pourras concevoir un design unique.

10€

VËLO-REES

30€



FILIPE



11.-13.08



Wanns de Loscht op Abenteuer
hues an nei Landschaften entdecke
wëlls, komm mat eis op eng Vélo-
Rees! Fir puer Deeg fuere mer duerch
Lëtzebuerg vum Norde bis an de
Süden. Du muss kee Vélo-Expert sinn,
d'Haaptsaach ass, déi gemeinsam
Erfarung ze deelen an d'Freed vun
der frëscher Loft ze genéissen.

Tu as envie d'aventure et tu veux découvrir de nouveaux paysages ? Alors viens avec nous pour un **voyage à vélo** ! Pendant quelques jours, nous traverserons le Luxembourg **du nord au sud**. Tu n'as pas besoin d'être un expert à vélo – l'essentiel, c'est de vivre une expérience partagée et de profiter de l'air frais !





SCHWARZWALD (DE)

50€



JANINE



21.-25.08

Mir fuere fir 5 Deeg an de Schwarzwald an Däitschland, fir an der Natur sportlech Aktivitéiten zesummen z'erliewen.

Beim Wanderen entdecke mir d'Biosphär vum **Feldberg** a vun der **Schluchsee**, direkt beim Camping, wou mir déi néideg Erfrëschung fannen.

D'Iwwernuechtung ass um **Schluchsee** Camping, an Zelter oder énnert dem fräiem Himmel.



Nous partons pour cinq jours dans la Forêt-Noire en Allemagne, afin de vivre ensemble des activités sportives en pleine nature.

Lors de nos randonnées, nous découvrirons la **biosphère du Feldberg** et le **lac de Schluch**, juste à côté du camping, ce qui est parfait pour se rafraîchir.

Nous passerons la nuit au camping Schluchsee, **dans des tentes ou à la belle étoile**.



PLAGE (BE)

30€

• ARNAUD

📅 27.-29.08

Et geet nach eng Kéier un d'Mier, ob mat der Camionnette oder mam Zuch – mir gesinn nach, wat de beschten Transport ass. Dohanne gi mir de grousse Waasser genéissen, Sandbuerge bauen, duerch d'Géigend bummele fir nach méi ze entdecken. Eng Glace wäert natierlech och net feelen. **Bass de intresséiert un engem klengen Trip un d'Mier?** Dann mell dech gären un!

On repart à la mer, en camionnette ou en train, on décidera ensemble du meilleur moyen de transport. Là-bas, on profitera de l'eau, on construira des châteaux de sable, on se baladera pour explorer les alentours... **Une bonne glace ne manquera bien évidemment pas au programme !** Tu es intéressé·e par un petit voyage à la mer ? Alors n'hésite pas à t'inscrire !

ERLEBNISBAD | PARC AQUATIQUE (DE)

10€

• JANINE

📅 01.09

Mir verbréngen en Dag am **Calypso** zu Saarbrécken – mat Rutschen, Spaass a Relaxen am Waasser.

⚠ Fir dës Aktivitéit gëllt:
Du muss schwamme kënnen!

Nous passons une journée au **Calypso** à Sarrebruck – entre toboggans, amusement et détente dans l'eau.

⚠ Pour cette activité,
il faut savoir nager !





PHANTA-SIALAND

10€



SARAH



02.09

Mir verbréngen e ganzen Dag am Phantasialand. Fréi moies geet et mam Reesbus dohin a mir bleiwe bis de Park seng Dieren zoumécht. Et gött sécher e super Dag mat vill Spaass!



Nous passerons une journée entière au Phantasialand. Le départ se fera tôt le matin en autocar et nous resterons jusqu'à la fermeture du parc. Une journée remplie de fun t'attend !

KANU | CANOË

10€



JANINE



04.09

Mir erliewen e flotten Dag um Waasser beim Kanufueren.



Fir dës Aktivitéit muss de schwamme kënnen.

Nous passerons une belle journée sur l'eau à faire du canoë.



Pour participer à cette activité, il faut savoir nager !



GRAFFITI

👤 FILIPE 📅 08.-09.09

20€

Mir proposéieren Dir e Graffiti-Projet zesumme mat der Schéfflenger Gemeng.

Dëst fënnt zu **Schéffleng** statt an ass op e puer Deeg opgedeelt, fir dass de bei all den Etappen – vun der Konzeptioun vun den Iddie bis zur Realisatioun op der Mauer – dobäi kanns kënns!

Nous te proposons de participer à un **projet Graffiti** en collaboration avec la Commune de Schifflange.

Le projet se déroulera à Schifflange et est réparti sur plusieurs jours, afin que tu puisses participer à toutes les étapes – de la **conception des idées** jusqu'à la **réalisation sur le mur**.






OFSCHLOSSFEIER | FÊTE DE FIN DE VACANCES D'ÉTÉ

 19.09 | 19.00

 JUGENDHAUS | MAISON DES JEUNES



D'Ofschlossfeier markéiert d'Enn vun de Summeraktivitéiten. Hei sinn d'Participant·inn·en an hir Elteren, souwéi d'Animateuren·ricen an d'Mataarbechter·innen aus dem Jugendhaus häerzlech wëllkomm Deel ze huelen. Fir Gedréngs an lesse suergen déi Jonk am Kader vun eiser Kachaktivitéit. Mir loossem de Summer unhand vu Fotoe Revue passéieren a kënnen deenen anere verzielen, wat mir alles erlieft hunn.

À la fin des activités, nous souhaitons inviter tou·te·s les participant·e·s, ainsi que leurs parents, animateurs·rices et éducateurs·rices, à passer une dernière soirée ensemble pour partager les photos des bons moments de l'été autour d'un petit festin organisé par les jeunes.

KONTAKTER | CONTACTS

Wann Dir weider Informatione braucht oder Froen hutt, da kënnt Dir beim jeeweilege Responsabele vun den Aktivitéiten nofroen oder iwwert follgend E-Mail:
info@schefflenger-jugendhaus.lu

Si vous avez besoin de plus d'informations ou en cas de questions, vous pouvez vous adresser à la personne responsable des activités ou via l'e-mail suivant :
info@schefflenger-jugendhaus.lu

SCHËFFLENGER JUGENDHAUS | MAISON DES JEUNES DE SCHIFFLANGE

SARAH COLIGNON

 sarah.colignon@schefflenger-jugendhaus.lu

ARNAUD MORAO

 arnaud.morao@schefflenger-jugendhaus.lu

FILIPE RODRIGUES

 filipe.rodrigues@schefflenger-jugendhaus.lu

JANINE SMITH

 jsmith@youth.lu

PAULA VIEIRA DE SOUSA

 paula.vieiradesousa@schefflenger-jugendhaus.lu





ÄR EKIPPE VUM JUGENDHAUS SCHÉFFLENG
L'EQUIPE DE LA MAISON DES JEUNES DE SCHIFFLANGE



NACH NÄISCHT FONNT ? | ENCORE RIEN TROUVÉ ?

D'Jugendhaiser aus den Nopeschgemengen organiséieren och Aktivitéite fir déi s du dech kanns umellen.

Les Maisons des Jeunes des communes avoisinantes organisent également des activités auxquelles tu peux t'inscrire.

ESCH – Service Jeunesse Esch
☎ 27 54 55 30 / 621 349 867
✉ jeunes@villeesch.lu
ƒ service jeunesse esch/alzette
օ service_jeunesse_esch

ESCH – Maison des Jeunes
☎ 54 91 40 / 621 471 741
✉ joyce@crijesch.lu
ƒ Escher Jugendhaus

KAYL-TETANGE – Maison des Jeunes
☎ 26 56 30 04 / 691 563 504
✉ kayl@pt.lu
ƒ Jugendtreff Käl/Téiteng

MONDERCANGE – Maison des Jeunes JUMO
☎ 55 05 74-560 / -561 / -562
✉ info@jumo.lu
ƒ JUMO Jugend Monnerech

RUMELANGE – Maison des Jeunes
☎ 26 56 00 82
✉ jugendhaus.remeleng@youth.lu
ƒ Jugendhaus Rëmeleng
օ jhremeleng
օ jh_remeleng





GEMENG
SCHÉFFLENG